N°2111
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 2111 vum 19. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'CFL-Personal "hors statut".**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'CFL Personal "hors statut", spezifesch iwwer den ënnerschiddleche Wuesstum vun deene verschiddene Personalkategorien.

Op de 15. Mäerz 2025 sinn 223 Cadres Hors - Statut (carrière D) bei den CFL agestallt.

Fir dës Populatioun sinn déi selwecht Aarbechtskonditiounen applicabel wéi beim Personal ënner dem "Statut du Personnel CFL", ausser spezifesch am Aarbechtskontrakt gereegelt Bestëmmungen.

Dëse Wuesstum ass ze erklären duerch e verstäerkte Besoin am Kader vun de ville Projeten an der Infrastruktur, vum Ausbau an der Optimiséierung vum Service public a vun der Digitaliséierung an allen Aktivitéite vum Groupe CFL. Dës Entwécklung erfuerdert e verstäerkte Besoin un héich qualifizéierter Expertise an Féierungsfunktiounen.

D'Remuneratiounskäschte betreffend dem CFL Personal ginn all Joer an de Comptes Annuels vun den CFL publizéiert a sinn ze fannen an de "Comptes de profits et pertes: 6. Frais de personnel (note 17)".

Am Tableau heidrënner dann d'Oplëschtung vun de Personalkäschte souwéi d'Unzuel vum Personal an de Joren 2020 an 2023; d'Comptes Annuels vum Joer 2024 sinn aktuell nach net publizéiert.

| | *2020* | *2023* |
|---|---|---|
| Personalkäschten | 327 811 475.03 EUR | 402 047 722.66 EUR |
| Beschäftegt Persounen am Cadre hors statut | 132 | 188 |
| Beschäftegt Persounen am Cadre permanent | 3 432 | 3 592 |

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2025

Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES